N°1466
Entrée le 03.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de la ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité, Elisabeth Margue, à la question parlementaire n°1466 du 5 novembre 2024 de l'honorable député Jeff Boonen au sujet de la nouvelle structure tarifaire du réseau d'électricité**

1. **Huet de Ministère Zuelen iwwert d'Netzbelaaschtung am Dagesverlaf?**

D'Netzbedreiwer, déi fir d'Versuergungssécherheet zouständeg sinn, suivéiere konstant d'Belaaschtung vun hiren Netzer an analyséieren dës och am Hibléck op Ausbau-Besoine vum Netz. D'Resultater vun dësen Analyse stinn ënner anerem an de Netzentwécklungspläng vun de Netzbedreiwer[1], déi all zwee Joer mussen iwwerschafft a publizéiert ginn, an am Scenario Report vu Creos Luxembourg S.A.[2], deen en Ausbléck op zukünfteg Entwécklunge vun der Netzbelaaschtung gëtt.
De Netzentwécklungsplang gouf bis elo um Niveau vum Transportreseau gemaach, mee ass duerch eng Ännerung vu Juni 2023 am Stroumgesetz ab nächstem Joer och fir all Distributiounsreseaue verpflichtend.

2. **Ass sech de Minister der uewe beschriwwener Problematik bewosst, dass déi nei Tarif-Struktur riskéiert mëttelstänneg Betriber ze treffen déi net vill Flexibilitéit hu fir de Stroum am Dag ze verdeelen?**

Den Zoustëmmungsprozess vun der Netztariffstruktur ass a senger leschter Etapp, an den ILR wäert geschwënn seng Decisioun zu der Zoustëmmung vun den Tariffer fir d'Notze vun Transport- a Verdeelungsnetzwierker fir de Stroum fir d'Joer 2025 publizéieren. Dee Moment kënnen och eng grille tarifaire a chiffréiert Informatioune publizéiert ginn.

Doduerch, datt an der neier Netztariffstruktur déi genotzte Leeschtung méi, an de Verbrauchsvolume manner Wichtegkeet kritt, kann een net pauschal soen, datt Betriber, och wann se wéineg Flexibilitéit hu fir hire Verbrauch flexibel iwwert den Dag ze verdeelen, duerch déi nei Tarifstruktur benodeelegt ginn.

Betriber, déi Laaschten hunn, déi se flexibel kënne verschiben hunn zousätzlech nach eng Méiglechkeet hier Netznotzungskäschten ze drécken, wann se sech netzdienlech verhalen. Dëst entsprécht och dem Objektiv vun der neier Netztariffstruktur fir méi käschtereflektiv ze sinn an domat eng méi fair Verdeelung vun de Käschten ze schafen. De Programm "Klimapakt fir Betriber" ënnerstëtzt a sensibiliséiert d'Betriber fir Energie ze spueren an, wa méiglech, selwer Stroum ze produzéieren.

[1] https://www.creos-net.lu/fileadmin/dokumente/downloads/20240315_Network_Development_Plan_2024-2034_-_Electricity_Transmission_Grid.pdf
[2] https://www.creos-net.lu/fileadmin/dokumente/downloads/20230310_Scenario_Report_2040.pdf

3. **Sinn Kompenséierunge fir des Betriber virgesinn?**
4. **Wann jo, wéini soll dat geschéien? Wann nee, firwat net?**

Kompenséierunge fir Betriber si net virgesinn, well net virauszegesinn ass, datt Betriber allgemeng méi staark belaascht ginn.

5. **As ee Program de soutien à l'investissement fir Energiespäicher oder aner Späicher-Infrastrukturen virgesinn– och onofhängeg dovun op een Energie selwer produzéiert?**
6. **Wann jo, wéini soll dat geschéien? Wann nee, firwat net?**

Energiespäicher wäerten an Zukunft e wichtegt Element fir d'Stabiliséierung vum Netz sinn. D'Méiglechkeet vun enger zousätzlecher Ënnerstëtzung vu Stockage gëtt am Moment analyséiert.

Luxembourg, le 03/12/2024
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles